



## edito

Léif Kolleginnen, Léif Kollegen,

Mir rutschen elo esou lues an dat drëtt Trimester eran an och am CDI lafen d'Virbereedunge fir d'Evenementer vum leschten Deel vum Schouljoer, notamment fir d'Porte

Ouverte vum MLG den 9. Mee 2017 an d'Liesungen, iwwert déi der ënne méi kënn lesen. Mir hunn awer Mëtt Mäerz och nach Ënnerstëtzung kritt: De Jo, deen och nach am Schülersekretariat täteg ass, wäert iech frëndlech am CDI empfänke, falls ech mol selwer net do sollt sinn.

Bis dann a vill Spaass beim Liesen.

Sarah Krecké

## wat leeft am CDI?

Op dëser Plaz wëll ech iech all informéieren, dass mer Enn Abrëll zwou Liesunge mat lëtzebuergesche Schrëftsteller organiséieren. Et wieren dat d'Christiane Grun ("L'Horloge de Bopi") de 24. Abrëll 2017 vun 9:35 bis 11:20 Auer an de Jacques Steffen ("Quelle (mal)chance") de 25. Abrëll 2017 vun 9:35 bis 11:20 Auer. Et hu sech bis elo 4 7ièmes-Klassen ugemellt. Obwuel d'Umeldungen ofgeschloss sinn, kënnen natierlech trotzdem eenzel Persoune laanscht lauschtere komme, falls se interesséiert sinn. Et verspricht, flott ze ginn.

## nei I

### Quelle (mal)chance – Jacques Steffen

Dëst Buch, dat mer och am Kader vun eiser Liesung de 25. Abrëll wäerte virgestallt kréien, adresséiert sech virun allem u jonk Leit am Zykel 4.2, awer och nach op 7ième, déi am Gaang sinn, déi franséisch Sprooch ze entdecken. Et handelt

sech em e kuerze, spannende Krimi, deen d'franséisch Sprooch flott an altersgerecht benotzt, sou dass de Lieser e bessert Gefill dofir kritt. Hannen am Buch fannen d'Schüler e Lexikon, an dem déi wichtegst Begrëffer erkläert sinn, fir dass se déi kënnen direkt noschloen. "Quelle (mal)chance" fannt der vun elo un en série am CDI. Zéckt net, eis bei Interessi dono ze froen.

## nei II

Hei stellen ech iech haut eppes vir, wat mer schonn e bësse méi laang hunn, wat awer gär a Vergiessenheet geréit. Et geet em d'Zäitschrëft



"Écoute". Hei fannt der Artikelen iwwer aktuell Themen aus Gesellschaft, Politik a Frankräich am Allgemengen op Franséisch, déi awer éischer fir méi héich Klasse geduecht sinn. Bei all Artikel ass e klengen Dictionnaire opgefouert, wou déi schwéier

Wieder op Däitsch erkläert ginn an an all Ausgab sinn Exercicer a Vokabelkaarten ze fannen. Dovu kënnen natierlech gär Kopie gemaach ginn. D'Zäitschrëft kann awer och ausgeléint ginn, soulaang net dra geschriwwe gët.

## Wousst der schonn...

...dass d'Monster aus dem d'Mary Shelley sengem berühmte Roman nieft "Frankenstein's Monster" och nach e richtegen Numm hat? Am Buch gëtt et geleeëntlech "Adam" genannt, wat eng Allusioun op de Garten Eden soll sinn.

...dass dem Leo Tolstoj seng Fra dat éischt Manuskript vu "Krieg und Frieden", dat ëmmerhin ëm déi 1400 Säite laang war, 7 Mol op der Hand ofgeschriwwen huet, all Kéier mat liichte Verännerungen, bis dass hire Mann decidéiert huet, dass et prett fir d'Publikatioun war?